# Naturschoul Lasauvage - Newsletter Januar 2020

## 1. NEI! NEI! NEI! Naturschoul goes Literacy!

*„Op engem schéine Summerdag zu Lasauvage gëtt de Blacky vun der Wëller Fra entfouert. De Kanner bleift soss näischt iwwereg, ewéi hiren Hond ze sichen. Si kucken iwwerall. Och do, wou et ganz geféierlech ass.“*




D'Naturschoul huet ee Klasse-Set (25 Exemplairen) kaf vum spannende Krimi vum Viviane Daman. Där kënnt déi Bicher, geschriwwen an engem einfache Lëtzebuergesch, bei eis léinen. Mär hunn eng kleng didaktesch Begleedung dozou ausgeschafft, di der matkritt. Wann der wëllt, kommt der mat ärer Klass op Zowaasch a mär maachen eng Visite des lieux, op de Spure vum Pascal, Pol, Sarah, Steve - an dem Blacky.

**Mellt äech un :** nature.lasauvage@ecole.lu oder naturschoul@icloud.com
*(och wann der äech scho fir aner Themen ugemellt hat)*

## 2. Wat mécht d'Beiefra am Wanter?

Si preparéiert hir Saachen scho fir d'Fréijoer. Si kontrolléiert d'Beiestäck, si kacht a baakt mat Hunneg, mécht Kärzen a Männecher mat Wuess, si fléckt Rummen, … Mär hu genug Wuess an Hunneg fir nach e puer „cool“ Beiefra/mann-Atelieren unzebidden.




**Mellt äech séier un :** nature.lasauvage@ecole.lu oder naturschoul@icloud.com
*(och wann der äech scho fir aner Themen ugemellt hat)*

D'Ateliere riichte sech un d'Cyclen 2 an 3.1.

## 3. Bionik

*„Fliegen wie ein Vogel, schwimmen wie ein Fisch oder bauen wie Insekten - immer wieder war es die Vielfalt der Natur, die die Vorbilder lieferte und Forscher auf Ideen für neue Erfindungen brachte. Wenn Wissenschaftler ihre Erkenntnisse aus der Natur auf die Technik übertragen, nennt man das Bionik.“*
Mär hätten nach e puer Plaze an eisem Bioniks-Atelier fräi mat „coolen“ Experimenter, wou d'Kanner selbststänneg wësseschaftlech aktiv sinn.

**Mellt äech séier un** : nature.lasauvage@ecole.lu oder naturschoul@icloud.com *(och wann der äech scho fir aner Themen ugemellt hat)*



Dës Ateliere riichte sech un de Cycle 4.

4. **Sensationell !**
5. **Di éischte Kéier zu Lasauvage ! !**
6. **Net verpassen ! ! !**



D'Naturschoul Lasauvage invitéiert all d'Klassen vun Déifferdeng a Péiteng aus de Cyclen 3 a 4 op eng ganz flott Ausstellung iwwert d'Gräifvullen.

Datum: 27.01.2020 – 14.02.2020

Am Musée Pesch zu Lasauvage

**Mellt äech séier un** : nature.lasauvage@ecole.lu oder naturschoul@icloud.com *(och wann der äech scho fir aner Themen ugemellt hat)*




Fir weider Infoen: Klickt op de Link:
https://www.naturemwelt.lu/de/greifvoegel-in-luxemburg-neuewanderausstellung-von-naturemwelt-mit-erweiterter-realitaet/